N°1713
Entrée le 28.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 1713 vum 30. Dezember 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

**Ad 1)**

Der Direktioun fir de Konsumenteschutz an der CNPD si keng Fäll vu betraffenen Autoen zu Lëtzebuerg bekannt oder gemellt ginn. Op Nofro bei der Union luxembourgeoise des consommateurs, hunn sech och do keng Leit wéinst dem Problem gemellt.

**Ad 2)**

Am Kader vum Kooperatiouns- a Konsistenzmechanismus (« mécanisme de coopération et cohérence ») vum Réglement Général sur la Protection des Données (RGPD), huet déi zoustänneg Dateschutz-Autoritéit vun Niedersachsen all Dateschutz-Autoritéite vun der Europäescher Unioun (inklusiv der CNPD) de 17. Januar 2025 proaktiv informéiert, iwwert d' Existenz vun dëser Dateverletzung, an iwwert hir éischt Elementer vun hirer Analyse.

Well d'Analyse vun der niedersächsescher Dateschutz-Autoritéit nach amgaang ass, kann d'CNPD à ce stade keng weider Präzisiounen iwwert dës Dateverletzung an och net iwwert déi méiglech Konsequenze fir déi betraffe Persounen zu Lëtzebuerg kommunizéieren.

**Ad 3) an 4)**

Den aktuellen europäesche juristesche Kader ass duerch den RGPD etabléiert. Dësen nennt ënnert de Prinzippie vum Dateschutz de Prinzip vun der Legalitéit (d'Dateveraarbechtungen si just dann legal, wa se eng vun de sechs Bedéngungen erfëllen, déi am Artikel 6, Paragraph 1 festgehale sinn) an de Prinzip vun der Dateminimiséierung (d'Donnéeë mussen adequat, relevant an néideg sinn am Bezuch op d'Ziler, fir déi se veraarbecht ginn).

De Code de la consommation selwer reegelt net d’Froen, déi sech an dësem Kontext stellen, an et ass och keng nei national Reegelung hei envisagéiert. Fir d’Konsumenten an d’Entreprisen, esou wéi fir d’Bierger am Allgemengen, ass et wichteg, dass d’Reegelen an Europa eenheetlech si fir sécher ze stellen, dass zu Lëtzebuerg den Accès op d’Servicer oder Produite garantéiert bleift.

Lëtzebuerg, den 28.Januar 2025

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN